Question écrite n°1053 - Sujet : Neutralité de l'Union européenne dans le cadre du référendum

Auteur(s) : Monsieur Fernand Kartheiser, Député
Destinataire(s) : Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes; Monsieur Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des Consommateurs; Madame Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration
Date limite de réponse à la question : 13-05-2015

Evènement(s) :

Date	Description	Liens
13-04-2015	Dépôt de la question	Document écrit de la question
08-05-2015	Réponse écrite de Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes; Monsieur Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des Consommateurs; Madame Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration	Document écrit de la réponse

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
13 AVR. 2015
1053

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Abrëll 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister, un den Här Landwirtschaftsminister an un d'Madame Familljeminister weiderzeleeden.

D'Initiativ "Moselle Diversity" mécht op hirer Spaweckssäit oppen eng eesäiteg Reklamm fir d'Auslännerwalrecht. Déi Initiativ weist ënner hire Partner de Fändel vun der Europäescher Unioun, de Symbol vun der OLAI, dee vum Landwirtschaftsministère an dee vum Familljeministère.

"Moselle Diversity" gëtt och vum Landwirtschaftsfong vun der EU ënnerstëtzt.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. *Ass d'Regierung där Meenung datt d'Europäesch Unioun sech direkt oder indirekt däerf an d'Referendumscampagne amëschen?*
2. *Wëll d'Regierung géintiwwer den Institutiounen, Organer an aneren Emanatioune vun der EU däitlech maachen, dat Lëtzebuerg sech all Amëschung a seng Saachen, wéi z.B. d'Walrecht fir d'Chamberwale verbitt?*
3. *Wëll d'Regierung an d'Referendumscampagne eesäiteg an direkt agräifen, wéi d'Ënnerstëtzung vu "Moselle Diversity" an hirer Propagandacampagne fir d'Auslännerwahlrecht et ze weise schéngt?*

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
11 MAI 2015

Le Ministre aux Relations avec le Parlement
SERVICE CENTRAL DE LEGISLATION

Reg.:	SCL:
Entré le: 11 MAI 2015	
CE:	CHD:
A traiter par:	
Copie à:	

Luxembourg, le 8 mai 2015

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse commune du Ministre des Affaires étrangères et européennes, du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des Consommateurs et du Ministre de la Famille et de l'Integration à la question parlementaire n° 1053 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.

Jean Asselborn

Äntwert vum Ausseministère, dem Ackerbauministère an dem Familjeministère ob dem Här Fernand Kartheiser seng parlamentaresch Fro no. 1053

1. D' Regierung ass der Meenung, dass d' Europäesch Unioun sech weder direkt nach indirekt an d' Campagne vum Referendum amëschen däerf.

2. Well bis elo nach keng Institutiounen, Organer oder aner Emanatioun vun der EU sech agemëscht hun, gesäit d' Regierung och keng Noutwennegkeet fir hinne géintiwwer däitlech ze maachen, dass Lëtzebuerg sech all Amëschen a seng Saachen, wéi z.B. d' Walrecht fir d' Chamberwale, verbitt.

3. Den Internetsite „Moselle Diversity" ass am Kader vum LEADER-Projet „Pacte d'Intégration Miselerland" realiséiert ginn, zesumme mat den 14 *"Commissions communales consultatives d'intégration"*. Dëse Projet gouf tëschent dem 29.09.2011 an dem 31.12.2014 vun der EU, vum Landwiertschaftsministère an dem OLAI co-finanzéiert. D' Phase vun der Finanzéierung ass domat den 31.12.2014 ofgeschloss ginn.
Aus deem Grond sinn och déi jeeweileg d' Logoën um Site ze fannen, esou wéi dat vun der europäescher Reglementatioun virgeschriwwen ass an den sougenannten *"Règles de publicité"*. Dësen Internetsite ass domat konform zu dëser Reglementatioun.

Dat bedeit awer net, dat d' EU, de Landwiertschaftsministere, oder den OLAI eng Emprise op den Inhalt vum Site hätten, a fir den Inhalt responsabel wieren. De Gestionnaire vum Projet an domat och vum Internetsite ass de Lokalen Aktiounsgrupp *LEADER Miselerland*. Weder de Landwiertschaftsministere, nach den OLAI sinn weiderhin mam Site vun « Moselle Diversity » associéiert. An dem Sënn gräift d' Regierung och net an Campagne vu Referendum iwwert dëse Site an.